



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Energie weiderzeleeden.

Am Koalitiounsaccord vun der Regierung gëtt den Ausbau vun der Elektromobilitéit als eng Prioritéit definéiert. D'Zil ass, de Privatmarché ewech vum Verbrennungsmotor hin zum Elektrountrib ze bewegen an am Land déi néideg Infrastrukturen ze schaffen fir d'Elektromobilitéit ze assuréieren. Vue dass d'Part du Marché vum Elektroauto aktuell nach marginal ass, ass unzweifelhaft, dass och d'Regierung senger Virbildfunktioun an der Elektromobilitéit gerecht wëll ginn an hire Fierpark op Elektroautoe ëmstelle wäert. Zur Zäit fënnt een an deem Fierpark awer zu engem groussen Deel Autoe mat gréissere Verbrennungsmotoren.

An deem Zesummenhang wëilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

- Opgeschlësselt pro Joer a pro Ministère, wéi héich waren Ausgabe beim Kaf vun Autoe fir de Fierpark vun den eenzele Ministère an de 7 leschte Joer? No wéi enge Kritäre gëtt den Auto gewielt?
- Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill Autoe befannen sech aktuell am Fierpark vun der Regierung? Wéi vill vun dësen Autoen si reng Elektroautoen?
- Wéi vill Elektroautoe goufen, opgelëscht no Joer, säit 2012 fir de Fierpark vun der Regierung kaf?
- Opgeschlësselt no Mark a Modell, wéi eng Autoe stinn jiddwer Minister vun der Regierung zur Verfügung. No der selwechter Opschlësselung, wéi eng Autoe sinn an de verschiddene Ministère fir den Transport vu Ministère virgesinn?
- Huet d'Regierung Wëlles, hire Fierpark an Zukunft op Elektroautoen ëmzestellen? Falls jo, wéi ee Prozentsaz vun Elektroautoen am Fierpark streeft d'Regierung bis 2023 - opgeschlësselt pro Joer - un? Falls nee, firwat net?
- Wäert d'Regierung weiderhin op Autoe mat Verbrennungsmotor an hirem Fierpark setzen? Falls jo, firwat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu